

**Discours du  
Ministre de la Défense  
Monsieur François Bausch**

**à l'occasion de la Fête Nationale à Diekirch**

**20 juin 2019**

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,  
Här Buergermeeschter,  
Här Chef d'Etat-Major vun der Arméi,  
Här Kommandant vum Centre Militaire,  
Offizéier, Ënneroffizéier, Kapereel, Zaldotinnen an Zaldoten,  
Membere vum Zivilpersonal vun der Arméi,  
Léif Éieregäscht,  
Dir Dammen an dir Hären,

Et ass mer eng ganz grousser Freedlech all haut hei zu Dikrech  
begréissen ze kënnen, an dat ganz besonnesch, well et déi  
éischte Kéier ass, dass ech d'Éier hunn als  
Verdeedegungsminister un dëser Parad deelzehuelen.

Et huet Tradition d'ass d'Festivitéite zum Nationalfeierdag mat der Zeremonie hei an der "Garnisounsstad" ageleet ginn. D'ësst ennersträicht all Joer nees der Arméi hir Verbonnenheet mam Land, an de staarke Bond, dee si mat Dikrech a mat den Dikrecher Leit huet.

D'Verbonnenheet mat der ganzer Bevëlkerung ass wichteg. Dofir invitéiert d'Arméi och d'ësst Joer nees op d'Arméifest dat d'ësse Sonnden, direkt no der Prise d'armes, op der Place de l'Europe, direkt hanner der Philharmonie um Kierchbierg, stattfënnt. Zu d'är Geleeënheet offréiert d'Arméi e "verre de l'amitié", souwéi e kleng Maufel z'iessen.

Nationalfeierdag ass e ganz besonneschen Dag vir all d'Bierger aus dem Grand-Duché. Fir eis Militär huet d'ësse Dag nach eng zousätzlech speziell Bedeitung. Um Nationalfeierdag zelebriéiere mir den offizielle Gebuertsdag vum Groussherzog Henri, dem Staatschef an ieweschte Kommandant vun der lëtzebuerger Arméi.

Och gedenke mir op d'ësem Dag der Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg. D'ësst Joer feiere mir de 75<sup>ten</sup> Anniversaire vun der

Befreiung. Dofir wëll ech op dëser Platz ganz besonnesch un all déi Leit denken, déi ënner Asaz vun hirem Liewe fir d'Fräiheet vu Lëtzebuerg an Europa gekämpft hunn. Zu hinnen huet och de Grand-Duc Jean, deen eis viru kuerzem verlooss huet, gehéiert.

Dir Dammen an dir Hären,

Säit dem Enn vum Zweete Weltkrich huet Lëtzebuerg a Fridde gelieft. Och wa Lëtzebuerg säit deem glécklecherweis ni méi direkt aggresséiert ginn ass, ass dat kee Grond fir de Kapp an de Sand ze stiechen. D'Arméi huet während Joerzénge – zesumme mat eisen Alliéierten a Partneren – derzou bäigedroen, d'Sécherheet vun eisem Land mat all sengen Awunner ze garantéieren an doduerch d'Wäerter vu Fräiheet an Demokratie ze verdeedegen. Doriwwer eraus huet d'Arméi zu Fridde a Stabilitéit iwwert d'lëtzebuerger Grenzen eraus bäigedroen, z.B. a Bosnien-Herzegowina, am Kosovo oder souguer am Kongo. D'Arméi huet also net de Kapp an de Sand gestach, mee si huet oft de Kapp dohinner gehalen. Obwuel et em Interête gong, déi iwwert eis national begrenzten Interête wäit erausgoungen.

Auslandsasätz sinn net ongeféierlech an ech wëll dofir besonnesch all deenen Zaldoten, Kapereel, Ënneroffizéier an Offizéier, mä och dem Zivilpersonal Merci soen, déi sech an de leschte Joren do engagéiert hunn.

D'internationaalt sécherheetspolitescht Klima ass an de leschte Jore méi komplex ginn. An Ost- a Mëtteleuropa koumen nees al Ängschten héich géigeniwwer vun enger russescher Dominanz. Mir huelen déi Ängschten eescht an d'lëtzebuerger Arméi huet sech am Baltikum engagéiert. D'Territorialverdeedegung vum NATO-Gebitt ass nees méi an de Virdergrond geréckelt.

Mee Angscht kann zu Iwwerreaktioune féieren. Am Ëmgang mam Putin-Regimm brauche mir e kale Kapp, wou mir och legitim russesch Sécherheetsintressie berücksichtegen. Mir brauche grad elo méi Diplomatie an net oniwweperluecht Oprüstung.

Dat gëllt virun allem fir déi zukünfteg Politik nom leider ganz wahrscheinlechen Enn vum INF-Vertrag, deem Vertrag, dee wéi keen aneren d'Atomwaffen an Europa ofgebaut huet. Ech bedauern, dass schon nees en internationalen Ofrëschtungsvertrag gekënnegt gëtt, mee wiere mech awer

genausou géint eesäiteg Scholdzouweisungen, wann de Vertrag dann elo bëennegt gött.

Am Noen Oste verwandelt sech Syrien no jorelaangem Krich mat ongeheierleche Verbriechechen op grouse Gebidder ëmmer méi an eng Wüst ouni Mënschen an an e risege Kierfecht. D'Auswierkungen op Europa wäerten sech héchstwahrscheinlech a Grenzen halen, och well Daesh elo keng territorial Muecht méi ass. Anescht gesäit et mam Iran aus an deene rezente Spannungen. Dat kéint di ganz Regioun nees eng Kéier zum Explodéiere féieren, mat alle Konsequenze fir Europa. Dat riskéiert och Lëtzebuerg méi ze beschäftege, wéi mer eis dat elo virstelle kënnen.

Mir ënnerstëtzen dofir all UNO Initiativen esou z.B. sinn mir och fir eng onofhängeg Enquête vun der UNO fir déi Attacken op Schëffer am persesche Golf ze analyséieren.

Südlech vum Mëttelmier hu mir et mat Phänomener ze dinn, déi souwuel eng Chance duerstellen, wéi och zu gréisserer Instabilitéit féiere kënnen. Mir hunn et do mat Gesellschaften ze dinn, déi engersäits oft terribel schlecht regéiert sinn, anerersäits viru groussen demographeschen, mee och vum Klimawandel bedéngten Erausfuerderungen, stinn.

Afrikanesch Gesellschaften zeechnen sech doduerch aus, dass se extrem jonk Gesellschafte sinn. Di Jonk versichen oft sech géint al agesiesse kleptokratesch Elitten ze wieren. Geléngt dat, kréie mir begréissenswäert Moderniséierungsavancéeën an dëse Länner, wéi et an Tunesien geschitt ass. Geléngt et net, riskéiere mer nach méi Ënnerdréckung, Biergerkrich, Terrorismus a Flucht. Dat gëllt besonnesch fir d'Sahelregioun, wou Lëtzebuerg mat enger Kombinatioun vun Instrumenter aus Diplomatie, Defense an Entwécklungshëllef héich engagéiert ass.

Stéchwuert Klimawandel: Hei wëll ech zwee Punkten ënnersträichen:

1. Energieeffizienz vun den Arméien: Heizou hu mir an deene leschten Deeg baal zwou Seite Froen vun engem NATO Questionnaire zum Thema „Improving the Energy Efficiency and Effectiveness of our Military Forces“ misste beäntwerten. Den NATO Sommet huet 2018 heizou ganz kloer Engagementer festgehalten. Dofir musse mir déi och ganz echt huelen.

2. D'Haaptaussoe vum leschte Rapport vum IPCC, deem international unerkannte Wëssenschaftlerpanel zu

Klimafroen, wou iwwregens och e lëtzebuerger Wëssenschaftler aktiv ass, sinn och ganz wichteg. Den IPCC seet dass wa mer elo net drastesch handelen, mir et mat enger alarmanter Situatioun ze di kréien: grouss Iwwerschwemmungen, Dréchten, Hongerkatastrophen a Bëschbränn bis 2040. De Klimawandel multiplizéiert existéierend Konfliktrisiken iwwer Zougang zu Aker- an Häerdeland, Waasser a Fësch. Dat wäert Auswirkungen op Armée weltwäit hunn. Dofir setzen ech mech derfir an, dass mir um Niveau vun der Europäescher Unioun an der NATO bei deem Thema Neel mat Käpp maachen an et géif mech freeën, wann ech do och um Niveau vun der lëtzebuerger Armée eppes virzeweisen hätt.

Eng Armée, déi d'Problematik vum Klimawandel scho laang erkannt huet an hir Doktrinn, Formatioun, Infrastrukturen, Menace-Analysen etc. un d'Erausforderunge vum Klimawandel adaptéiert huet, ass déi amerikanesch. Als Armée mat weltwäite Missiounen ass se forcéiert, sech mat allméigleche Menacen ausenanerzesetzen. Och d'NATO huet kierzlech en Exercice a Polen organiséiert wou et drëm gong,

dass Militärlageren esou energieeffizient wéi méiglech operéieren.

En aneren zolitte Problem, mat deem mer an Europa am Moment konfrontéiert sinn, ass eng onhelleg Allianz vun amerikanescher *Alt-Right* Bewegung iwwer europäesch Rietspopulisten an -extremiste bis hin zu Kreml-noen Institutioune wéi der Agence Sputnik. Iwwer *Fakenews* a Propaganda a soziale Medie gëtt hei probéiert, Haass an Zwist an eise Gesellschaften ze séien, mat vill Erfolleg, wéi mir bei enger Reih vu Waleen oder beim Brexitreferendum gesinn hunn. Dat Phänomen kritt een natierlech net mat militäresche Moyenen an de Grëff, mee do brauche mer eng nei Debattekultur an eisen Demokratien, méi *Debunking* vu Propaganda a *Fakenews*, mee och eng seriö a respektvoll Ausernanersetzung vun der Politik an de gesellschaftlechen Elite mat Leit, déi sech aus wat fir Grënn och ëmmer ausgegrenzt fillen an dofir zur Radikalitéit an zu Verschwörungstheorien hin tendéieren.

Fir Lëtzebuerg sinn iwwregens laut Koalitiounsaccord verschidden Atomkraaftwierker an eisen Nopeschlänner eng



grouss Menace. Well Sécherheetsproblemer net seriö geholl ginn oder déi Atomkraaftwierker onofhängeg vum Alter bis zum Schluss ausgequetscht ginn.

Dir Dammen an Dir Hären,

Wéi der wahrscheinlech wësst sinn eng Reih Reformen a Projeten an der Défense am Gaang.

Mir wäertenweider investéieren an d'Arméi an och an Défense. Mir bleiwen onser Linn trej, där vun enger intelligenter Verdeedegungspolitik am Aklang mat onser Äussen- a Kooperatiounspolitik, déi Fridde stëften an erhale wëll.

Mir wäerten dofir och an de kommende Jore vill an d'Modernisatioun vun den Infrastrukture vun eiser Arméi – de Centre militaire um Härebierg, de Schéissstand am Bleesdall an de Munitiounsdepôt um Waldhaff – investéieren. Datselwecht gëllt och fir d'Equipementer vun der Arméi.

Mir schaffen dës weidere mat der Arméi an de Gewerkschaften un der Reform vum Militärgesetz fir prett fir zukünfteg Erausfuerderungen opgestallt ze sinn.

Dir Dammen an Dir Hären,

An der gläicher Zäit wou de Budget eropgaangen ass, ass d'Personal vun der Arméi awer net vill gewuess. Et ass a bleift also eng zolidd Erausfuerderung dëse Budget iwverhaapt emol ze geréiere bei konstantem Personal. Dat mécht d'Arméi awer mat bemierkenswäertem Engagement.

Ech sot dass mer an de kommende Jore vill an d'Modernisatioun vun der Arméi investéiere wëllen. Dozou gehéiert och an d'Leit z'investéieren, an alleguer de verschiddene Karriären, zivil oder militär.

D'Arméi, dat si virun allem eng Vocation a Wäerter, wéi sech an den Déngscht vu sengem Land ze stellen, Exemplaritéit a mam gudde Beispill vir ze goe fir sech den Erausfuerderungen ze stellen. Militär ze sinn, ass wéinst sengen inherente Contrainte, kee Beruff wéi een aneren. Dat ass awer och gläichzäiteg eng Chance fir talentéiert a motivéiert Fraen a

Männer unzespriechen, déi sech duerch den aktuellen, relativ enken Ëmfang vu Missioune vun der Arméi net ugesprach fillen.

Duerch d'Erschléisse vun neie Kompetenzen an neier Expertise an Zukunftsberäicher wéi dem "Space" an der "Cyber-Défense" op där enger Säit, an duerch d'resolutt Entwécklung a Moderniséierung vun de Kapassitéite vun der Arméi op där anerer Säit, wëlle mer d'Arméi fir d'Zukunft opstelle fir dat se weiderhi jonk Leit unzitt, awer och nei Leit a nei Profiller erreecht, déi bis elo net zu onsem "Public" gehéiert hunn.

Dobäi musse mer och dem Public besser vermëttelen dass d'Arméi net nëmmen aus Militärpersonal besteet, mä och aus Zivilpersonal. An eiser Ëffentlechkeetsaarbecht musse mer an Zukunft vill méi geziilt déi vill verschidde Facettë vun der Arméi beliichten, *toutes carrières, tous statuts, tous métiers confondus*. D'Arméi ass ee ganz variéierten Employeur. Ënnert dem Titel "Mir sinn d'Lëtzebuerger Arméi" si mir am Gaang un enger Serie vu Werbespoten ze schaffen, wou mer d'Diversitéit vun den ziville Beruffer vun der Arméi wëllen an der Virdergrond stellen. Dëst wäert eis erlaben

d'Perspektiven, d'Karriären an d'Aarbechtsberäicher déi d'Arméi bitt – souwuel fir d'Zivil wéi fir Militär – besser ze verdäitlechen.

Ganz wichteg ass mir och den traditionelle “Rôle social” vun der Arméi. De “Rôle social” wëll ech verbesseren an ausbauen. Mir ass et en Uleies dass jonk Zaldotinnen an Zaldoten no hirem Fräiwëllegendéngscht Debouchéen um Aarbechtsmaart – sief dat am Privatsecteur oder am öffentlechen Déngscht – fannen. Dofir siche mer no Méiglechkeeten nei Karriäre beim Staat a beim Parastaat ze schafen. Ech wäert an de kommende Wochen a Méint d'Geleeënheet hunn doriwwer méi ze soen.

Dir Dammen an dir Hären,

De Kader vun dëse Festivitéite fir Nationalfeierdag huet mer d'Geleeënheet ginn, fir no vir ze kucken an ze skizzéieren, wou d' Défense wëll hi goen. Si sinn awer och d'Geleeënheet fir no hannen ze kucken, e bëssen Introspektioun ze maachen, dat z'analyséiere wat gutt geklappt, wat net esou gutt war a wéi een et verbessere kann, fir dass et dem Land weiderhi gutt geet. Wann ech ob meng relativ kuerz Amtszäit als

Verdeedegungsminister no hanne kucken, ass et besonnesch een Evenement dat mech markéiert, nämlech dat tragescht Accident um Waldhaff de 14. Februar a seng Affer. Dofir géif ech och gären am Kader wou mer hei versammelt sinn den Affer gedenken. Zweek Démineuren, den Adjudant-Major Luc DERNEDEN an den Adjudant-chef Mike VAN DE BERG hunn hiren Asaz fir onst Land mat hirem Liewe bezuelt, zweek weider Démineuren, den Adjudant-chef John LANSER an den Adjudant-Major Joé COTTONG goufe blesséiert. D' 'Défense ass eng grouss Famill a mir stinn op der Säit vun de betraffene Famillen an de Blesséierten, fir mat hinnen zesummen dat grousst Leed ze droen a fir hinnen sou gutt wéi méiglech ze hëllefen. An deem Zesammenhang wëll ech och un de Polizist Frank VAN DEN BERKMORTEL denken dee séi Liewen verluer huet respektiv un d'Polizistin Tania SCHAUL déi ganz schro blesséiert ginn ass am Zesammenhang mam Accident zu Lausduer.

Dir Dammen an dir Hären,

Dës Zeremonie erlaabt mer och all den Offizéier, Ënneroffizéier, Kapereel, Zaldotinnen an Zaldoten an dem Zivil

Personal, déi lo am U Schloss eng Auszeechnung kréien, häerzlech ze gratuléieren. Am Numm vun der ganzer Regierung soen ech lech alleguerten e grouse Merci fir ären Asaz. Méi generell wëll ech alleguer de Membere vun der Arméi Merci soe fir hiren Asaz, heiheem a speziell dobaussen. Missiounen am Ausland si ganz dacks mat privaten a familiäre Contrainte verbonnen, déi net ëmmer einfach ze geréiere sinn. Ech a vill anerer hei am Land sinn sech däers voll bewosst.

E grouse Merci och un de Buergermeeschter an de Schäfferot vun der Gemeng Dikrech, déi gehollef hunn, des Feier ze organiséieren.

Ech wënschen iech all e schéinen Nationalfeierdag.

Vive de Grand-Duc, vive déi groussherzoglech Famill.